CONCERT

# Gerardo Alfonso, troubadour

**C'est un troubadour cubain de la nouvelle génération qui se produira le mercredi, 25 octobre au Sang a Klang, mariant dans ses chansons rythmes cubains avec et sons du Brésil et des Caraïbes.**

Gerardo Alfonso appartient à la "Nueva Trova" cubaine, le mouvement musical fondé aux années 60 par Silvio Rodríguez et Pablo Milanés. Il est considéré par la critique et le public - jeune pour la plupart - qui suit ses chansons comme l'un des artistes les plus remarquables de ce que l'on appelle couramment la deuxième génération du mouvement, dénomination qui implique continuité, mais aussi rupture.

Gerardo Alfonso incorpore dans son oeuvre des ressources tirées de la musique brésilienne, du rock et des Caraïbes de langue anglaise, mais sans sortir d'une position musicale très cubaine. Peut-être est-ce ici qu'il faut chercher la raison de la bonne réception de sa musique par des publics aussi différents que le français, le danois, l'allemand ou l'italien, devant lesquels il s'est produit avec succès. Et je ne parle pas des foules qui ont eu le plaisir de l'écouter en Amérique latine.

Gerardo est un troubadour. De nos jours, être troubadour à Cuba veut dire être identifié avec une tradition musicale qui, dans le terrain de la chanson, remonte jusqu'à la fin du XIXe siècle.

## Autodidacte

C'est avec Pepe Sánchez (1856-1918), père de la "Trova Tradicional", que la chanson au sujet cubain commença à devenir chanson cubaine. Pepe Sánchez fut le maître de Sindo Garay, qui, avec Alberto Villalón, Rosendo Ruíz et Manuel Corona constitue le groupe des quatre grands de la "Trova Tradicional". Presque tous nés à Santiago de Cuba avant 1885, d'origine modeste et pratiquement autodidactes, les quatre composaient en partant de la guitare, de laquelle ils faisaient sortir des sonorités jamais entendues. Cette chanson des troubadours remplit presque la totalité de la première moitié du XXe siècle cubain.

Toutefois, à partir des années 40 apparaît un mouvement de rénovation connu à Cuba sous le nom de filin (feeling). Ce mouvement se structure autour de La Havane. Ses créateurs principaux, comme les troubadours traditionnels, sont aussi d'origine modeste, jouent d'oreille de la guitare, composent à partir de cet instrument et ont le souci de la qualité poétique des paroles de leurs chansons. Ce sont des hommes nés aux années 20. César Portillo et José Antonio Méndez sont les compositeurs de la plus grande envergure.

Les années 60 firent éprouver à Cuba un grand besoin de modernisation, sociale et politique, mais aussi dans le domaine esthétique. Un nouveau cinéma surgit, les arts plastiques et le théâtre expérimentent une rénovation jusque là inconnue. Dans ce contexte de rénovation, Silvio Rodríguez et Pablo Milanés commencent à faire une chanson d'un type nouveau, et bientôt, de nombreux partisans les rejoignent. C'est l'époque de la Chanson politique internationale et de la Nouvelle chanson latino-américaine, et ils vivent au milieu d'une révolution sociale. Sans renoncer à parler de l'intimité des amoureux, leurs chansons commencent à traiter de tout ce qui arrive dans les rues, des soucis des jeunes dans la vie de tous les jours, de justice sociale, de l'histoire et de ce qui se passe au monde.

Avec une orientation nationale qui n'exclut pas l'incorporation des sonorités étrangères, ils s'identifient tout de suite avec les troubadours traditionnels, en tant que poètes et rénovateurs musicaux qui se servent de la guitare pour composer des chansons qui expriment leurs sentiments. Voilà la raison du nom donné au mouvement musical qu'ils créent, Nueva Trova.

Comme un véritable troubadour, Gerardo Alfonso compose et chante imprégné de cette longue tradition. Né en 1958, il conçoit la composition dans la perspective de cette Nueva Trova, mais les soucis et les goûts de sa génération sont différents, et il sait les exprimer avec son empreinte personnelle, tant par les paroles que par la musique de ses chansons.

**Eddy Pérez Tent**

*Gerardo Alfonso, le mercredi, 25 octobre à 21.00 heures au Sang a Klang.*



*La musique de Gerardo Alfonso témoigne d'influences multiples.*

AM DIERFGEN

# Alles Schmady, oder wat?

**"Alles Schmink", de neie Kabarä vum Jemp Schuster a Mady Durrer.**

Mäi Brudder kann de Jemp Schuster gudd nomaachen. Dann deet e mäi klenge ronne Brëll un, kuckt streng an d'Géigend, leet eng ganz däischter Stëmm op a schwätzt sou dréche wéi den Tubaksrescht ënnen am Pak. "Mmh. Ech sin de Jemp Schuster. Ech schreiwe ganz witzeg Saache, fir d'Leit un d'Laachen ze bréngen." Déi Impressioun huët ee vum Jemp, wann een en zoufälleg privat begéint: eescht, dréchen, streng.

Op der Bühn ass dat eng aner Saach. Do ziddert haut nach säi klengen Aasch an der Box, grad ewéi deemols, wann en als Bouf doheem virun den Tataën a Monniën säi Gedicht opgesot huet, wa Kiermes war. "Ech hun dat nët gewollt", versicht en eis an der éischter Nummer vu séngem neie Programm gleewen ze don. Vill léiwer wär e Bauer gi, wéi säi Papp a säi Grousspapp. Mee dofir war e wuël zevill krappeg a Paschtouer wollt säi Papp net, well dee soss all Mount eng Ham hätt misse matgin op den Zeminär.

Mat dëser léiwer autobiografescher Nummer fängt "Alles Schmink" un. Duerno versicht d'Mady Durrer mir kloër ze maachen dass ech e genetesch bedéngten Hannersëtzer sin. Do kann ech em zwar nët Recht gin. Ech sëtzen nët hannen an der leschter Rei, well ech genetesch esou programméiert sin, mee well mäi WOXX-Billjee d'-Nummer H4 huët a well de Kabarä ausverkaf a strubbelvoll ass. Verlängere geet nët, well et duerno direkt op Tournee duërch d'ganzt Land geet, op Emweër vun Iechternach op Walfer. Sëll gët ausgelooss well de Jemp hinnen do op eemol zevill pafefrëssereg gi war.

## Vu stëbseg bis genial

Ech si grad nach am gaangen iwwert méng genetesch hënnescht Plaz ze méditéiren, do peekt d'Mady op eemol säi verstëbstene rosaroude Brëll aus. Oder as et dem Jemp säin? Verstëbst op alle Fall, well dësen Text aus den 80er Jore staamt, an ee sech freet, wat deen am neie Programm verluer huet. Deen haat sech wahrscheinlech veriërt, do hëlleft och keng Schmink.

Sou richteg gudd gët et eréischt, wann d'Mady séng helleg Rees am hellege Joër an déi helleg Stad Roum beschreiwt. Als Zuwenir bréngt et e Watikan mat, fir ze rëselen, dass Schnéi op de Péitersdoum fällt. Säi Mann fënnt dat kitscheg a stukkelt sou fest, dass de Poopst vun der Terrass trëllt. D'Mady huet sou eppes vun "Les Deschiens" op lëtzebuergesch, an dat kënnt gudd.

Am beschte funktionnéiert den Duo Schmaddy-Duster awer nach ëmmer wann ët an dat psychologescht vun der Bezéihung Mann-Fra geet. "Alles Schmink" an "Tokyo Rose" sin déi ergräifendst Momenter. D'Mady séngt d'Lidd vun der Fra, déi der an d'Schnëss kritt an duerno ouni vill Gedeessëms d'Plazen ewechschminkt. Séng rauh Stëmm, säi Gesiicht a séng Kierperhaltung gin duer, fir dat éierlech eriwwerzebréngen, wat bei all anerem pathetesch gewierkt hätt. Grad sou genial as de Jemp a séngem Monolog mat sénger Fra, déi kee Wuert seet an nëmmen arrogant grinst. Et stellt sech eraus, dass et eng Barbiespopp as, an deen tête-à-tête vum Jemp a vum Barbie ass alleng de Wee an d'Dierfgen wäert. Bei dëse "Sketcher" gët och net sou haart geklappt, wahrscheinlech well verschiddener sech selwer zevill dran erkennen.

E leschten Héichpunkt as "Vive" wou de Jemp an d'Mady dat soën a sangen, wat sou muncheree sech bei der Zeremonie vum Trounwiessel geduecht huet. Hei ass och déi eenzeg Nummer wou d'Musek vum Erny Delosch aus der Supermarchés-Uergelbegleedung erausgeet an op méi eng originell Manéier den Text ënnersträicht. Loost Iech et gesot sin: Wa mir am Führerschäin op eng Fro esou geäntwert hätte, wéi den Heng bei der Vereedegung, da wäre mer duerchgefall. An d'Maria Teresa ass vun de Patrioten, déi d'Glänneren ugehalen hun, mat Blummen op de rouden Teppëch zerekgebeetscht gin, soss hätt ët sech duerch d'Bascht gemaach.

Verschidde Nummere kommen dem Jemp an dem Mady e bëssen ze liicht, mee déi, wou se sech drageknéit hu, schloë voll an. Do ka mäi Brudder apaken, well do geet et nët duer, fir e klenge ronne Brëll unzedoen a streng an d'Géigend ze kucken.

**Serge Tonnar.**

*"Alles Schmink", de neie Kabaräsprogramm vum Jemp Schuster a Mady Durrer, gët nach am Dierfgen gespillt den 20., 21., 23., 24., 25. a 26. Oktober. Reservatiounen um Tël. 22 28 28. Duerno geet et op Tournee duerch d'Land.*



**woxx - der Spot**
Während der Werbekampagne im Kino, jetzt auf unserer Homepage zu sehen und zu hören.

**woxx - le spot**
Conçu pour notre campagne-cinéma, regardez et écoutez-le sur notre homepage.